

Lëtzebuenger Futtballsprooch - Resultater vun enger spannender Emfro

D'Europameeschterschaft street vrun der Dier: Héich Zäit fir d'Resultater vun der Emfro iwwert déi lëtzebuergesch Futtballsprooch ze deelen, déi vum Sproochwëssenschaftler Dr. François Conrad am Abrëll 2020 op RTL lancéiert gi war.

Hannergrond vun der Emfro

D'Futtballsprooch gehéiert zu de sou genannten „Fachsproochen“ – spezifisch sproochlech Beräicher mat eegener Terminologie. Mir hunn hei also bestëmmte Wieder, déi virun allem benotzt ginn, wa mir iwwer Futtball (respektiv Fussball) schwätzen. Dëst sinn z. B. eng Une-Deux/en Doppelpass, Arbitter/Schidsriichter, Hands oder de Golkipper. Besonnesch spannend sinn dobäi „lexikalesch Dubletten“ – nom Lëtzebuenger Online-Dictionnaire (www.lod.lu) och „Synonym-Koppelen“ genannt. Duerch dee groussen Afloss vun eisen Nopeschsproochen Däitsch a Franséisch (heiansdo och Englesch) ginn et am Lëtzebuergesch dacks zwee Begrëffer fir dat selwecht auszedrécken – wéi *Decisioun/Entscheidung*, *remplacéieren/ersetzen* oder eeben *Arbitter/Schidsriichter*. Deen ee Begrëff ass dobäi änlech wéi am Franséischen (*Arbitter*), deen anere wéi am Däitschen (*Schidsriichter*). Nodeems de François Conrad am Joer 2019 de Language vun den Champions-League-Finalen op RTL, kommentéiert vum Paul Philippe a vum Nico Keiffer, analyséiert hat, goung et an där neier Etüd vum Fuerscher vun der Universitéit Hannover dréms erauszefannen, wat fir Begrëffer allgemeng méi heefeg benotzt ginn an ob et Ennerscheeder am Alter, bei de Geschlechter oder de Regiounen ginn. Fir dat erauszefannen, missten d'Participant(ë) an engem klengen Quiz bestëmmte Begrëffer erauszefannen a benennen („Wéi nennt een dee Mann mat der Päif?“) oder tëscht zwee Begrëffer wäelen („Sot Dir Arbitter oder Schidsriichter?“). De Sproochmates huet d'Äntwerten da matenaner verglach a Conclusiounen gezunn.

Wien huet matgemaach?

D'Etüd ass am Abrëll 2020 online gaangen an no just e puer Deeg haten iwwer 1300 Leit matgemaach (e grouse Merci op dëser Plaz!). Insgesamt konnten 1189 Däitsätz ausgewäert ginn – dat sinn ca. 0,4 Prozent vun de Mënsche mat engem lëtzebuergesche Pass! Fir eng linguistesche Etüd sinn dat immens grouss Zuelen: Op Däitschland héichgerechent wieren dat iwwer 300.000 Leit. 81 Prozent dovunner ware Männer, 19 Prozent Fraen. Während d'Unzuel vun de männleche Participanten wéineg iwwerrascht, sinn 19 Prozent Fraen eng erstaunlech grouss Zuel. Wat den Alter ugeet, sinn d'Halschent vun de Persounen 34 oder méi jonk, en Drëttel tëscht 35-54 an ee Fënneftel méi al wéi 55. 38 Prozent hunn de Secondaire technique gemaach, 21 Prozent de Secondaire classique an 41 Prozent zousätzlech ee Studium. Bei de Regiounen weist de Süden mat 38 Prozent virum Zentrum mat 26 Prozent déi meeschte Persounen (Norden: 19 Prozent, Osten: 17 Prozent). Dëst passt zimmlech genee bei d'Awunner(innen)zuelen an de jeeweilige Regiounen. Alles an allem ass de Sample also mat der Ausnam vun de Geschlechter gutt ausgeglach. Déi meescht Persounen hunn uginn, datt si „groussen“ oder „ganz groussen“ Intressen u Futtball hunn. D'Resultater kënnen also net fir déi ganz lëtzebuergesch Populatioun, mee virun allem fir d'Futballgecke schwätzen.

Wat ass erauskomm?

Dat wichtegst Resultat um Niveau vun den eenzelne Begrëffer ass, datt si sech ganz ënnescheedlech verhalen. Et gi Synonym-Koppelen, bei deene méi heefeg oder praktesch ëmmer dee Begrëff gewielt gëtt, dee méi no um Franséischen ass (z. B. méi *Ekippe* a manner *Mannschaft*, méi *Petit-Pont* a manner *Tunnel*). Mee och de Contraire kënnt heefeg vir, datt also dee Begrëff méi dacks genannt gouf, dee méi no um Däitschen ass (z. B. méi *Fräistouss* a manner *Coup-franc*, méi *Virdeel* a manner *Avantage*). Bei e puer Wieder sinn déi zwou Méiglechkeeten zimmlech ausgeglach (z. B. souwuel *Doppelpass* wéi *Une-Deux*, souwuel *verletzt* wéi *blesséiert*). Insgesamt ca. 10 Prozent vun de Persounen hu sech bei bestëmmte Begrëffer net fir eng vun den zwou Méiglechkeeten, mee explizit fir d'Optioun „ech gebrauchen déi zwee“ decidéiert.

Um Niveau vun de Persouengruppen fennech sech keng Ennerscheeder tëscht Fraen a Männer. Regional gebrauchen d'Persounen aus dem Norden déi meeschte Begrëffer, déi wéi am Däitschen sinn, Persounen aus dem Süden déi meeschte Begrëffer, déi wéi am Franséischen sinn. Den Osten an den

Zentrum leiwen dotëscht. D'Ennerscheeder sinn zwar statistesch bedeitsam, awer trotzdem net immens grouss. Als Haaptresultat weist sech eng Ofhängegkeet vun den allgemenge sproochleche Präferenze bei der Wiel vun de Begrëffer. Persounen, déi allgemeng méi Däitsch gebrauchen, benotzen och méi dacks däitsch Fussballbegrëffer. Persounen, déi allgemeng méi Franséisch gebrauchen, benotzen och méi dacks franséisch Fussballbegrëffer. A Persounen, déi di zwou Sproochen d'selwecht dacks gebrauchen, leie genee dotëscht. Et spillt also bei der Wiel vun de Begrëffer eng Roll, wéi een allgemeng zu den Nopeschsproochen steet, wéi dacks een se gebraucht a wéi gutt een se beherrscht. E weidere spannende Punkt fënnt sech am Grupp vun deene Persounen, déi allgemeng méi dacks Franséisch gebrauchen: Wat d'Persounen méi jonk ginn, wat och si ëmmer méi dacks dee Begrëff wielen, dee méi no um Däitschen ass (z. B. *Schiedsrichter*) an ëmmer manner dee Begrëff, dee méi no um Franséischen ass (z. B. *Arbiter*). Anescht formuléiert léisst sech soen, datt déi franséisch Begrëffer allgemeng manner benotzt ginn, wat d'Persounen méi jonk ginn. Och wann d'Franséisch am Alldag aktuellen Etüden no ëmmer méi dacks ze héieren ass, léisst den Afloss vum Franséischen op d'Lëtzebuergesch aktuell éischter no, während dee vum Däitsche klëmmt.

Wat bedeit dat elo?

D'Etüd iwwer déi lëtzebuergesch Fussballsprooch weist virun allem, wéi kreativ a villfältig déi lëtzebuergesch Sprooch allgemeng ass. Déi eng Persounen gebrauchen deen een, déi aner Persounen deen anere Begrëff. Weider Persounen gebrauch souguer mol deen een, mol deen aneren. Duerch den Afloss vum Däitschen a vum Franséischen ass de Choix/d'Wiel vun de Begrëffer ganz grouss a jiddereen ass fräi, seng präferéiert Wieder ze gebrauchen – wann iwwer de Fussball geschwat gëtt, mee och bei all anerem Thema.

Och wann am Moment zu Lëtzebuerg no aktuellen Etüden dat Franséisch ëmmer méi gehéiert gëtt, ass den Afloss op dat Lëtzebuergesch dach manner grouss, wéi vill Leit fäerten. Et ginn zwar eng Jett franséisch Begrëffer, des ginn awer ëmmer manner gebraucht, grad an de jonke Generatiounen. Donieft fanne sech awer, an aktuell ëmmer méi, däitsch Begrëffer, déi lautlech un d'Lëtzebuergesch ugepasst ginn. Bei méi jonke Mënsche fanne sech och vill englesch Begrëffer. D'Lëtzebuergesch weist sech also op en Neits als ganz lieweg an dynamesch Sprooch. De ‚Kinnek Fussball‘, dee mir déi nächst Wochen am Fernseh/op der Tëlee intensiv bestaune kënnen, begeeschtert also net just um Terrain, mee kann och bei der Erfuerschung vum Lëtzebuergesch hëllefen!

Soubald d'Pandemie et nees zouléisst, ginn d'Resultater vun der Etüd op Konferenzen am Ausland an a fachwëssenschaftlechen, linguistischen Zäitschrëfte publizéiert. Fir weider Detailer zu der Etüd kënnt Dir Iech och beim Dr. François Conrad ënner francois.conrad@germanistik.uni-hannover.de mellen.